ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Mee 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsministesch weiderzeleeden.

Ewéi aus menger parlamentarescher Fro (N°2029) ervirgeet, ass d'ADR besuergt iwwer d'Méiglechkeet, datt et zu enger Penurie bei verschiddene Medikamenter kéint kommen, wat och vun der Regierung confirméiert gouf. An dem Sënn freet d'ADR sech, ob et wierklech sënnvoll ass, elo schonn déi logistesch Krisenzell opzeléisen, wéi vun der Madamm Gesondheetsminister ugekënnegt, oder ob et net besser wär, dës nach bestoen ze loossen an hir nei Aufgaben, z.B. am Beräich vun der Versuergung vum Land mat wichtege Medikamenter, ze ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1. Aus wéi enger Motivatioun eraus huet d'Regierung decidéiert, déi logistesch Krisenzell elo schonns opzeléisen?
2. Ass d'Regierung net der Meenung, datt et sënnvoll wär, wann eist Land och weiderhin eng Krisenzell hätt an dëser, wann néideg, nei Kompetenzen ze ginn, ewéi z.B. am Beräich vun der Versuergung vum Land mat wichtege Medikamenter?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten